Infoblat

No 6

Oktober 2008

CERTIFICATSIWWERREECHUNG BEI DER ASBL „MOIEN-ENG BRÉCK FIR EIS SPROOCH"

D'Asbl „MOIEN-Eng Bréck fir eis Sprooch" hat e Freideg den 11. Juli 2008 op hir Certificatsiwwerreechung invitéiert, déi am Konschthaus „Beim Engel" an der Stad ofgehale gouf.
Heibäi koumen déi Leit zu Éieren, déi am Schouljoer 2007/2008 un engem Lëtzebuergeschcours deelgeholl haten. Am Ganze ware 5 Coursen (Niveau 1, 2, 3, Conversatioun an Orthographie a Grammaire) vun der Asbl organiséiert ginn. Dës Coursë sinn all vum Educatiounsministère agrééiert, sou dass déi Leit, déi regelméisseg drun deelgeholl hunn, och ee vum Ministère ausgestallte Certificat konnten entgéinthuelen.

Déi Coursë sinn an de Gemenge Lëtzebuerg a Stroossen ofgehale ginn. Dofir hei och e grousse Merci un de CLAE an den Athénée vu Lëtzebuerg sou wéi un d'Gemeng Stroossen, déi eis hir Raimlechkeeten zur Verfügung gestallt hunn.
An deene 5 Coursë waren am Ganzen 59 Leit ageschriwwen, dovu kruten der 37 e Certificat.
No enger kuerzer Usprooch, an där d'Presidentin Jackie Weber-Messerich de Participantë fir hire Courage an hiren Intressi un der Lëtzebuerger Sprooch gratuléiert an de Chargés-de-coursë fir hiren Asaz Merci gesot huet, hunn d'Chargéë Marco Garcia, Denise Heiderscheid, Marie-Thérèse Heinen-Gouden, Nelly Linster-Hinzy a Geneviève Magnette-Barthel hire jeweilege Schüler d'Certificaten iwwerreecht.
Den Owend gouf bei engem gemittleche Patt ofgeschloss.

Léif Memberen, léif Frënn, léif Schüler,

Dir sidd all häerzlech invitéiert. "Moien asbl, eng Bréck fir eis Sprooch" organiséiert eng kulturell Sortie.
Um Programm steet de Centre national de l'audiovisuel, deen de 7. Dezember 2007 seng Dieren zu Diddeleng an engem ganz neie Gebai opgemaach huet.

Wéini?	E Freideg, den 21. November 2008
Wuer gi mir?	Op Diddeleng an den CNA "Centre national de l'audio-visuel"
Rendez-vous?	Am CNA um 17.45 Auer**.**
Adress?	1b, rue du Centenaire, L-3475 Dudelange

Et ass ganz einfach ze fannen. Dir fuert laanscht d'Diddelenger Gemeng, weider bis an déi grouss Kéier, no riets an direkt lénks fannt dir Plaz fir ären Auto.

VISITE

Den Direkter selwer féiert eis duerch dat neit Gebai mat senge Kinoen, Studioen, Archiven a stellt eis d'Médiathèque, hir nei Aktivitéit vir.

Mellt Iech w.e.g. un um Tel: 26 311 343 Fax: 26 311 342 **moien@pt.lu**

RESTAURANT

No der Visite, déi annerhallef Stonn dauert, hu mir och d´Méiglechkeet, am Restaurant vum CNA eppes Klenges z' iessen a fir nach eng gemittlech Stënnchen zesummen ze verbréngen, dat wär géint 20 Auer.
Menu (Entrée, Haaptplat, Dessert, Kaffi, fir 20€)

Fir de Menu mellt iech w.e.g. u bis Enn Oktober, andeems dir 20 € op de Kont CCPL LU28 1111 2368 0023 0000
vun der A.s.b.l. MOIEN-Eng Bréck fir eis Sprooch iwwerweist mam Vermierk „Menu CNA “ + Numm
Mir freeën eis. Vergiesst net iech dëse flotten Owend fräi ze halen.

Un all Formateuren, déi Lëtzebuergeschcoursë fir Erwuessener ginn

D'Asbl „MOIEN-Eng Bréck fir eis Sprooch" organiséiert hiren **3. Formateursdag, den 18. Oktober 2008 vun 10 – 16 Auer an derJugendherberg vun der Stad Lëtzebuerg, 2, rue du Fort Olisy L-2261 Luxembourg, Tel: 22 68 89-20, (gratis Parking).**

Och dës Kéier wëlle mer an 2 Gruppe schaffen, an zwar zu den Themen:

1. Erfahrungsaustausch iwwert den **Asaz vun den neie Medien** an de Coursen
2. Materialien zum landeskundlechen Thema „**Gemengen**" (Opbau, Dokumenter)

Weider Renseignementer iwwert eis Asbl op www.moienasbl.com oder Telefon 26311343. Bis dann den 18.Oktober, mir freeën eis op e flotten Dag

MOIEN asbl op der UNI

Et freet eis och, datt mir bei der MOIENasbl ewell 4 Comitésmemberen hunn, déi am akademesche Joer 2007-2008 op der « Université du Luxembourg » mat Erfolleg eng Formatioun iwwer 2 Semesteren als Lëtzebuergesch-Formateur/-trice ofgeschloss hunn. Felicitatiounen dofir fir d'Geneviève, d'Jackie, de Marco an de Jean-Marie !

D'Summercoursë sinn ëmmer e flotte Moment wou d'Studenten zesumme Lëtzebuergesch schwätzen a sech kenneléieren. Hei eng Foto vun engem Grupp mat hirem Formateur, dem Jean-Marie Nau.

COURS de LUXEMBOURGEOIS agréés par le Ministère de l'Education nationale
Octobre 2008 / Juin 2009

Description	Début	Fin	Rythme	Horaires	Lieu	Chargé-e de cours	Code MEN	Volume horaire	Prix
Luxembourgeois niveau 2	06/10/ 2008	19/01/ 2009	2x par sem.	LU et ME 18h30-20h30	LUX –Belair (Athénée)	Danielle Laschet-Schanen	LA-LB 157	50 h	120€
Conversation (niveau avancé)	10/10/ 2008	08/05/ 2009	1x par sem.	VE 9h30-11h30	STRASSEN	Geneviève Magnette-Barthel	LA-LB 146	50h	120 €
Luxembourgeois niveau 1	05/01/ 2009	20/04/ 2009	2x par sem.	LU et ME 19h-21h	LUX.-Belair (Athénée)	Marie-Thérèse Gouden-Heinen	LA-LB 159	50h	120€
Luxembourgeois niveau 2	26/01/ 2009	11/05/ 2009	2x par sem.	LU et MA 10h-12h	STRASSEN	Julia Kampa	LA-LB 161	50h	120€
Luxembourgeois niveau 3	26/01/ 2009	11/05/ 2009	2x par sem.	LU et ME 18h30-20h30	LUX –Belair (Athénée)	Danielle Laschet-Schanen	LA-LB 158	50h	120 €
Orthographe	12/11/ 2008	10/12/ 2008	1x par sem.	ME 18h30-20h30	USELDANGE	Jackie Weber-Messerich	LA-LB 162	10h	25 €
Orthographe et grammaire	03/10/ 2008	12/12/ 2008	1x par sem.	VE 19h – 21h	LUX.-GASPERICH	Denise Heidersche id	LA-LB 145	20h	50 €

Nombre de participants minimum: 15. Les participants aux cours peuvent bénéficier d'un congé individuel de formation. Renseignements : www.men.lu INSCRIPTIONS et RENSEIGNEMENTS : Tel : 26 311 343 - Fax : 26 311 342 E-mail : moien@pt.lu - B.P. 5, L-8701 Useldange
www.moienasbl.com

Verbesserungsservice: Wann Dir Är Texter, Broschüren, Deplianten asw. gär an der richteger Lëtzebuerger Schreifweis veröffentleche wëllt, dann zéckt net a kontaktéiert eis. Mir verbesseren Iech se. Präis op Ufro.

Kontakt Moien asbl- BP : 5 , L-8701 Useldange - Tél : 26 311 343 – Fax : 26 311 342 Gitt Member ! €10 oder méi CCPL LU28 1111 2368 0023 0000

Zitat

D'Mënsche maache grouss Reesen,
fir iwwer d'Héicht vun de Bierger ze staunen,
iwwer déi riseg Welle vum Mier,
iwwer d'Längt vun de Flëss,
iwwer d'Gréisst vum Ozean an
iwwer d'Kreesbewegung vun de Stären.
Bei sech selwer awer gi se laanscht,
ouni sech ze wonneren.

Die Menschen machen weite Reisen,
um zu staunen über die Höhe der Berge,
über die riesigen Wellen des Meeres,
über die Länge der Flüsse,
über die Weite des Ozeans und
über die Kreisbewegung der Sterne.
An sich selbst aber gehen sie vorbei,
ohne zu staunen.

Augustinus